

Ech hat Iech d'lescht Jor drop opmierksam gemaacht, dass, wéi mir China unerkannt hun, Tibet eng Provënz vu China wär. Mir kënnen also net an enger Resolutioun vun haut vun engem "territoire occupé" schwätzen, an där Saachen nach méi. Mä ech wëll net op de Fong agoen, well et geet jo hei ëm de Prinzip vun de Mënscherechter, an zu deem stin ech.

D'Motioun 3 freet, dass mer ons staark maache fir e Stabilitéitsconseil vum Euro bei der europäescher Zentralbank. Hei as en Thema ugeschnidden, deem, wéi ech weess, op internationaler Tribün, a besonnesch a verschiddene Länner vun der Europäescher Unioun, hefteg debatiert gët.

Et muss och eng Kéier eng Entschedung falen iwwer déi politesch Kontroll vun der europäescher Zentralbank, mä de Wee an d'Manéier, wéi dat gemaacht gët, as e ganz sensiblen Domän. Do dierf een elo mat enger kuurzer Motioun, iwwer déi mer hei vläicht 10 Minutte schwätzen, keng Virentschedung treffen.

Déi Motioun kennt ze fréi. Ech géif dofir d'Auteurs bidden, se en suspens ze halen. Wa se net domat d'accord sin, da géif ech d'Chamber bidden, dës Motioun ofzelenen.

Déi véiert Motioun behandelt Prinzipien an Orientatiounen fir ons Verhandlungsdelegatioun an der Regierungskonferenz. Dës Motioun kann d'Regierung unhuelen.

Déi fënneft Motioun, vum Här Mehlen deponéiert, verlaangt d'Berücksichtigung vun der Gesondheet am Kader vun der Kompetenz vun der Europäescher Unioun. Wann den Auteur d'accord as, da solle mer deem zweeten Tiert sträichen, an deem Rieds geet vun der Kreatioun vun engem neien Organ. Dat wëll ech elo emol als eng Iddi dohistellen, déi nach net genuch gepréift as. Brauche mer op dësem Gebitt eng weider nei Verwaltung oder net? Also, wa se ons opfuert, dofir anzetrieden, dass d'Santé am neien Traité unerkannt gët als eng Kompetenz vun der Unioun, sin ech domat d'accord. Am leschte Saz müsse mer allerdéngs da corrigéieren:

"invite le Gouvernement luxembourgeois à oeuvrer dans ce sens au sein de la Conférence intergouvernementale".

Awer den zweeten Tiert géif ech Iech bidden, en suspens ze halen oder ze sträichen, wann Der haut iwwer déi Motioun ofstëmmt.

Déi sechst Motioun iwwer den Timor Oriental hun ech scho behandelt. D'Regierung as d'accord mat deem neien Text.

D'Motioun 7 vum honorablen Här Kollwelter fuerdert d'Regierung op, aus der Sozialpolitik eng vun de Prioritéiten vun der Lëtzebuerger Presidentschaft ze maachen. Dat as och ons Absicht, an dofir kënne mer dës Motioun och unhuelen.

M. le Président.- Den Här Garcia freet d'Wuert, laut eise Reglement "parole après ministre". Den Här Garcia huet d'Wuert.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Ganz kuurz, fir nach eng Kéier géint déi Schwéierhéiregkeet unzegoen.

Déi Motioun, déi ech hei déposéiert hun, as net eng zesummegewierfelt Motioun aus verschiddenen, mä et as einfach den integralen Text vun enger Motioun, déi am belsche Parlament eestëmmege ugeholl an och vun der Regierung acceptéiert gin as.

Dofir stellen ech mer elo déi beängschtegend Fro, ob et keng Politique communautaire méi géint iwwer vu China

gët, wann déi belsch Regierung eng Motioun acceptéiert, wou drasteet, dass Tibet en "territoire occupé" wir, an déi Lëtzebuerger Regierung dat net ka maachen. Dofir géif ech da vläicht den Ausseministère bidden, emol eng Kéier nozuprëifen, a wéi enge méi oder manner subtile belschen Nuancé sech déi verschidde Positiounen an der EU ënnerschieden.

M. le Président.- Den Här Lucien Weiler freet d'Wuert, fir eng Proposition de loi anzubringen. Den Här Weiler huet d'Wuert.

4. Dépôt d'une proposition de loi

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President. Ech wëll eng - *proposition de révision 4285 de l'article 69 de la Constitution* deponéieren.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun där Proposition de révision, déi un déi zoustänneg Kommissioun weidergereecht gët.

D'Diskussioun iwwer d'Affaires étrangères as ofgeschloss. De Vote iwwer d'Motiounen as an enger nächster Sitzung.

Mir kommen elo zur Motioun vum Här René Kollwelter iwwer de soziokulturelle Radio. Ech géif proposéieren, d'Diskussioun driwwer elo ze maachen, an de Vote virzehuelen, wann d'Chamber en nombre as.

Den Här Kollwelter huet d'Wuert, fir séng Motioun ze explizéieren.

5. Motion de M. René Kollwelter relative à la radio socio-culturelle

M. René Kollwelter (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëll net nach eng Kéier dee ganzen Débat widderhuelen, dee mer d'lescht Woch hei haten anlässlich vun der Proposition de loi vun der Madame Brasseur, fir de soziokulturelle Sender ofzeschaffen. Ech weess net, ob d'Madame Brasseur an hir Fraktioun nach op där Proposition de loi beharren. Wann dat sollt de Fall sin, da géif ech bidden, dass mer déi Motioun sollen zur Ofstëmmung komme loossen.

Wéi Der gesitt, hun - mat Ausnam vun de Kollege vun der demokratescher Fraktioun - all aner Fraktiounen déi Motioun ënnerschriwwen. Perséinlech sin ech houvreg, dass mer dat fäerdegbruecht hun. Et as en Zeeche fir d'Regierung, egal wat een een oder anere Regierungsmember vun där Initiativ hält.

Et as wichteg, dass d'Parlament sech zu där Fro äussert, well mer ëmmer erëm drop ugeschwat gin. Wann eng frontal Attack géint en Deelaspekt vun deem Gesetz kennt, da soll d'Parlament sech derzou äusseren. Domat kritt d'Regierung hir Aufgab, fir eng Décisioun ze huelen, e bëssche méi liicht gemaacht.

Ech géif also d'Chamber opfuertieren, fir dës Motioun ze stëmmen. Si huet zwee Aspekter. Éischters soë mer, dass de soziokulturelle Radio soll oprechterhale gin. Zweetens froë mer, dass der Regierung hiert Verspreechen, fir deem Sender d'Totalitéit vun der Frequenz 100,7 ze gin, effektiv soll bis den 1. Juni a Kraaft trieden.

Här President. Et as bekannt, dass den 92,5 de Moment nach en Deel vun der Frequenz 100,7 besetzt. Ech hat schon déi leschte Kéier de Wonsch ausgedréckt, dass d'Regierung